



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Här Premier- a Staatsminister, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°7806 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Marc Goergen zum Sujet "Listes des candidats pour les élections communales"

Op Nofro hin hunn d'Presidente vun den Haaptwalbüroer vun de "Chefs-lieux de circonscription" bei de Chamberwalen hir Positioun revidéiert a festgehalen, dass déi 50 WielerInnen, déi d'Lëscht presentéieren, och gläichzäiteg Kandidat op där Lëscht dierfe sinn. Dat gëllt also och fir d'Gemeengeconseillere, déi d'Lëschten ënnerschreiwe kënnen, op deenen si selwer Kandidat sinn.

D'Cirulaire n° 2023-038 wäert deemno kuerzfristeg redresséiert ginn, fir eng eenheetlech Applikatioun vum Walgesetz ze garantéieren.

Lëtzebuerg, de 21/03/2023.

D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding